

Här Buergermeeschter,

Häre Schäfteen,

Zënter Méint ginn d'Membere vum Gemengerot esou ewéi och vun de Gemengekommissiounen net méi op Veranstaltungen, Inauguratiounen, Virstellungen oder aner Manifestatioune vum Schäfferot invitéiert.

Et ass jiddwerengem bewosst, dass wéinst der Covid-Pandemie an den domadder verbonnene sanitäre Moosnamen, ënner Ëmstänn nëmmen eng begrenzten Unzuel vun Invitée kënnen deelhuefen.

De Gemengerot ass déi héchsten Instanz vun der Gemeng wou iwwer dem Schäfferot seng Projete fir eis Stad an och den zoustännege Budget ofgestëmmt gëtt.

Eis Gemengerotssitzunge fannen an der Gemeng ënner den néidege sanitären Moosnamen statt.

19 Membere vum Gemengerot, d'Generalsekretariat, Informatiker, d'Presse an interesséiert Bierger setzen zu +- 25 Leit während dem Gemengerot zesummen an engem Sall.

Heimat well ech am Numm vun der LSAP Fraktioun dem Buergermeeschter-a Schäfferot folgend Froe stellen:

- Fir d'Grondsteenleeung vun der Schoul zu Wobrécken déi am Freie stattfonnt huet, hat de Gemengerot keng Aluedung kritt
- Fir d'Informatiounssëtzung fir déi Escher Geschäftsleit an Entreprisen am Kader vun Esch2022 hat de Gemengerot keng Aluedung kritt
- Fir d'Inauguratioun vun den Terrains multisports zu Raemerich an um Bruch déi am Freie stattfonnt hunn, huet de Gemengerot keng Aluedung kritt
- Fir de Projet vun den 39 Stroossen déi am Kader vun dem internationale Fraendag symbolesch en Numm vun enger bekannter Fra kritt hunn an am Freie stattfonnt huet, huet de Gemengerot keng Aluedung kritt
- Fir d'Presentatioun vum Carnet de bienvenue déi am Freie stattfonnt huet, huet de Gemengerot keng Aluedung kritt

- Fir d'Fête du bouquet vun den 2 Bauprojet'en an den Nonnewisen huet den Gemengerot keng Aluedung kritt

Des Lëscht ass net komplett, mee soll Beispiller aus de leschte Méint benennen.

- Huet de Schäfferot Krittäre festgeluecht betreffend d'Aluedungen?
- Wa jo, wei eng sinn des Krittären?
- Wat sinn d'Ursaachen, dass d'Membere vum Gemengerot net op déi uewe genannte Manifestatiounen ageluede gi sinn?
- Wat ënnerhelt de Schäfferot fir d'Gemengerotsmember an Zukunft an engem vernënftegen Delai fir all des Manifestatiounen ze invitéieren?

Bei Veranstaltungen déi an zoue Raimlechkeete stattfannen, ginn et Méiglechkeeten trotz der Pandemie iwver Aschreiwungen am Virfeld e Sall optimal no de sanitäre Moosnamen ze organiséieren.

Bei Veranstaltungen am Freie gelt dat selwecht.

Am Koalitiounsaccord an op anere Plaze stellt de Buergermeeschter- an Schäfferot ëmmer gären d'Participatioun an den Dialog vun a mat de Bierger an de Virdergrond.

D'Gemengerotsmember si vun de Bierger als hier Spriecher demokratesch gewielt ginn an domadder och Deel vun der Participatioun an dem Dialog.

Mat frëndleche Gréiss

Vera Spautz

Fraktiounsspriecherin LSAP